



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister an un den Här Minister vum öffentliche Déngscht weiderzeleeden.

Wann en Enseignant 40 Joer aktiv ass, huet en, nom Gesetz vum 25.03.2015, 180 Stonne Weiterbildung („formation continue“) ze maachen, mee nom Gesetz vum 01.08.2019 sinn et der elo (40x16 =) 640. No deem méi rezente Gesetz ass also d'Zuel vun deene Stonne méi wéi verdräifacht ginn. Déi zousätzlech 460 Stonne Weiterbildung sinn net mat Avancementer verbonnen. Doriwwer eraus ass et esou, datt wann d'Enseignantë méi wéi 48 Stonne Weiterbildung an enger Referenzperiod vun dräi Joer gemaach hunn, da kënnen si nëmme 16 Stonnen eriwwer huelen, all déi aner verfallen.

Dowéinst wollt ech dem Här Educatiounsminister an dem Här Minister fir den öffentliche Déngscht dës Froe stellen: .

1. D'Gesetz vum 01.08.19 schéngt net am Aklang mam Gesetz vum 25.03.15 ze sinn. Gesinn déi Häre Ministeren do Kontradiktiounen oder Onkloerheeten? Kënnen déi Häre Ministeren erklären, wéi déi verschidde gesetzlech Bestëmmunge koherent ze liesen an z'interpretéiere sinn?
2. Wat justifiéiert déi Dispositioun, datt den Enseignant muss déi 640 Stonnen exklusiv a senger Virbereedungszeit maachen? Ass esou eng Virschrëft eng Aschränkung vun de Rechter vum Enseignant am Vergläich zu anere Staatsbeamten an der A1 Karriär, bei deenen d'Formatioun an der „Aarbechtszeit“ geschitt? Misst den Enseignant do net méi Flexibilitéit hunn?

Wat justifiéiert déi Dispositioun, datt den Enseignant muss bis zu 460 Stonne Weiterbildung méi maache wéi aner Staatsbeamten, bei deenen d'Weiterbildung och nach mat Avancementer verbonnen ass?

Fir de Fall wou Dechargé fir d'Weiterbildung vum Enseignant virgesi sinn, wéi sinn déi gerechent a ginn déi, an den An vun der Regierung, duer?

Wann eng Schoul eng „Journée pédagogique“ Samschdes mécht oder esou eng Aktivitéit am Ausland organiséiert, ass dann d'Participatioun och obligatoresch? Wéi eng gesetzlech Basis reegelt esou Situatiounen? Ass déi ministeriell Instruktioun no där eng „Journée pédagogique“ „au sein d'un établissement« organiséiert gëtt, och op d'Lokalitéite bezunn? Wann nee, wéi eng Interpretatiounsméiglechkeete gëtt et a wéi sinn déi gesetzlech ofgeséichert?

Ass d'Ofhale vun enger « Journée pédagogique » op engem Samschdes nach mam aktuellen Aarbechtsrecht iwwer d'Rouzäite kompatibel, wann en Enseignant muss Méindes nees schaffe goen?

3. Wéi kann et sinn, datt wann d'Enseignantë méi wéi de Minimum u „formation continue“ maachen, se dann nëmme 16 Stonnen an déi nächst Referenzperiod kënne mat eriwwer huelen? Gëtt et nach aner Carrière beim Staat wou eng Weiterbildung verfält?
4. Ass et sënnvoll, datt den Enseignant muss bis zum Enn vu senger Aktivitéit eng Weiterbildung maachen? Bei wéi engen anere Carrière beim Staat gëllen esou Reegelen? Wär et net sënnvoll speziell Dispositiounen an och avantagéis Dispositiounen fir Fächer ze huelen, an deenen e rapiden techneschen oder wëssenschaftleche Progrès eng Weiterbildung wierklech néideg mécht?
5. Ginn d'Enseignant an d'Beamten am allgemenge genuch consultéiert fir si ze froen, wéi eng Coure fir si iwwerhaupt sënnvoll sinn? Leider ass et esou, datt vill Leit sech beschwéieren, datt déi Coursen déi si offrëiert kréie fir si net wierklech relevant sinn. Misst de Staat senge Beamten net offrëieren, op anere Plaze kënne fir si sënnvoll a qualitativ héichwärtig Couren ze maachen, déi de Staat dann als Weiterbildung géing unerkennen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser  
Deputéierten

